Kulturhierscht zu Elleng

Fir d'Amicale Elleng gëtt d'Kultur grouss geschriwwen

Elleng. All Joer organiséiert d'Amicale Elleng asbl ee Kulturhierscht. Den Optakt war eng flott Kiermesausstellung vum Kënschtlerveräin Art et Création vu Munneref, déi een de ganze Kiermesweekend kucke konnt goen. Samschdes ass d'Munnerefer Musek duerch d'Gaassen den Hämmelsmarsch blose gaangen an d'Chorale A.E.M. huet eng schéi Mass gesongen. Weider steet eng Theateropféierung vum Theaterensembel „Enner Wouer" um Programm, mat dem lëschtege Stéck: Lourdes... oder Päischtcroisière vum Frank Kuffer.

Gerard Hein via mywort

28.11.22 LW